N°482
Entrée le 15.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz, Groussregioun, Wunnengsbau & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Déi héich Wunnengspräisser drécken zënter Joren op de Budget vu ville Lëtzebuerger Awunner. Zënter 2009 sinn d'Präisser extreem an d'Luucht gaangen an mat der aktueller Zënssituatioun a Bautekris ass et fir Locatairen an Leit, déi hier éischt Wunneng kafe wëllen, guer net méi einfach ginn. Vill Leit plënneren dofir an d'Groussregioun, wou d'Wunnengspräisser dacks méi bëlleg si wéi hei.

Schonns 2009 huet de *FORUM EUROPA* mam *CEPS INSTEAD* an der Etüd *Die grenzüberschreitende Wohnmobilität zwischen Luxemburg und seinen Nachbarregionen* erausfonnt, dass d'Leit, déi decidéieren fir Lëtzebuerg ze verloossen an iwwert d'Grenz ze plënneren, et zum groussen Deel aus finanzielle Grënn maachen. D'Optioun, fir sech hannert der Grenz nidderzeloossen, ass fir vill Leit déi eenzeg Alternativ.

Dat huet allerdings och Konsequenzen. D'Plënneren an d'Nopeschlänner ass fir Ex-Residenten mat villen Nodeeler verbonnen – zum Beispill wat d'Sozialleeschtungen ugeet, wéi de Chômage, REVIS oder d'Krankeversécherung. Wat villen Wéih deet, ass datt d'Kanner vun Ex-Residenten a ville Fäll d'Méiglechkeet verléieren, fir am lëtzebuergeschen Bildungssystem ze bleiwen an doduerch den Uschloss un déi lëtzebuergesch Kultur a Sproochevielfalt verléieren. Och beim Télétravail verléieren déi nei Lëtzebuerger Frontalieren.

Dës Leit dierfen net vun der Politik vergiess ginn, nëmmen well si et sech net méi leeschte kënnen, fir hei um Territoire eng bezuelbar Wunneng ze kréien. Schonns 2019 hat ech déi deemolëg Regierung a menger Fro n°1151 gefrot, wat fir d'Lëtzebuerger Ex-Residenten an der Groussregioun kéint gemaach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Lëtzebuerger wunnen, Stand 1/1/2024, an der Groussregioun, opgeschlësselt no Land? Wéi huet d'Situatioun den 1/1/2018 ausgesinn?
2. Wäert d'Regierung deene Leit, déi finanziell gezwonge sinn, fir ze plënneren, entgéint kommen, andeems een zum Beispill de Kanner d'Méiglechkeet garantéiert, fir am lëtzebuergesche

Schoulsystem ze bleiwen?

Wat fir weider Verbesserungen kënnen d'Lëtzebuerger, déi an der Groussregioun wunnen, vun der Regierung erwaarden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Justizministesch, vum Här Claude MEISCH, Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung a Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, vum Här Xavier BETTEL, Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, a vun der Madamm Martine DEPREZ, Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n° 482 vum 15. Mäerz 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

**Ad 1.**

All Joer entscheede sech eng gewëss Unzuel u Lëtzebuerger Résidents d'Land ze verloossen ouni hir berufflech Aktivitéit zu Lëtzebuerg opzeginn. Mat den Donnéeë vun der IGSS (*Inspection générale de la sécurité sociale*) ass et méiglech déi Persounen opzeléschten, déi dës Entscheedung geholl hunn, a sech an der Groussregioun néiergelooss hunn. Déi follgend Zuele betreffen nëmme Persounen, déi am Lëtzebuerger Sozialversécherungssystem affiliéiert sinn.

Am Laf vum Joer 2018 hunn 2.503 Persounen de Choix gemaach iwwer d'Grenz wunnen ze goen. No enger Hausse tëschent 2018 an 2022 ass d'Zuel am Joer 2023 op 2.962 erofgaangen.

*Tabell 1: Zuel vun de Persounen, déi zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen an déi am Laf vum Joer de Choix gemaach hunn, fir iwwer d'Grenz wunnen ze goen*

| 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|
| **2 503** | **2 846** | **3 042** | **3 326** | **3 217** | **2 962** |

*Source : IGSS*

D'Zuel vun de Leit, all Nationalitéiten zesummen, déi iergendwann emol (ab 2003 gekuckt) vu Lëtzebuerg an d'Groussregioun geplënnert sinn an am November 2023 nach ëmmer an der Groussregioun wunnen (dëst sinn déi lescht Donnéeën, déi haut disponibel sinn) beleeft sech op 26.380 Leit, dorënner 23.036, déi am November 2023 zu Lëtzebuerg schaffen. D'Verdeelung no Land ass par Rapport zum November 2023 sou gutt wéi konstant bliwwen.

*Tabell 2 : Verdeelung no Destinatiounsland*

| | Situatioun am Januar 2018 | Situatioun am November 2023 |
|---|---|---|
| Däitschland | 32% | 30% |
| Belsch | 27% | 25% |
| Frankräich | 41% | 45% |

*Source : IGSS*

**Ad 2.**

Hei muss een ënnerscheeden, ob et sech ëm e Kand am *Enseignement fondamental* oder am *Enseignement secondaire* handelt.

<u>Am *Enseignement fondamental*</u>:

Den Artikel 20 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* hält fest:

> *"Ils [les parents] peuvent également demander l'admission de leur enfant dans une école d'une autre commune. Dans ce cas, ils adressent une demande écrite dûment motivée au collège des bourgmestre et échevins de la commune où ils entendent inscrire leur enfant."*

Déi legal Dispositiounen definéieren am selwechten Artikel och déi Motiver, déi als valabel fir esou eng Demande ugesi ginn:

> *"Sont considérés comme motifs valables :*
>
> *1. la garde de l'enfant par un membre de la famille jusque et y compris le 3e degré ;*
> *2. la garde de l'enfant par une tierce personne exerçant une activité d'assistance parentale agréée par l'État ;*
> *3. la garde de l'enfant par un organisme œuvrant dans le domaine socio-éducatif agréé par l'État ;*
> *4. la situation du lieu de travail d'un des parents."*

Weider ginn déi genau Modalitéiten esou wéi d'Delaise vun der Demande fir esou eng Admissioun am *Règlement grand-ducal modifié du 14 mai 2009 déterminant les modalités suivant lesquelles un enfant peut être admis dans une école d'une commune autre que sa commune de résidence ainsi que le mode de calcul des frais de scolarité* festgehalen.

Et ënnerläit der Gemeng, d'Recevabilitéit vun der Demande ze préiwen a gegebenenfalls op Basis vun hirer Schoulorganisatioun eng Entscheedung ze huelen.

<u>Am *Enseignement secondaire*</u>:

Kanner a Jonker, déi an engem ëffentleche Lëtzbuerger Lycée ageschriwwe sinn, behalen d'Recht op hir Inscriptioun. Dës ass och gülteg wann d'Elteren aus dem engen oder anere Grond sollten an d'Grenzregioun plënneren. Wat nei Inscriptiounen betrëfft, ass et esou, datt d'Admissiounen an de Lycéeën opgrond vun den disponibele Plaze virgeholl ginn. Kanner vu Lëtzebuerger Familljen, déi an der Grenzregioun wunnen, kënnen deemno an engem Lëtzbuerger Lycée ageschriwwe ginn.

D' Regierung ass beméit de Leit, déi an der Grenzregioun wunnen an zu Lëtzebuerg schaffen, hiren beruffleche Alldag an hir Verbindungen mat Lëtzebuerg esou einfach wéi méiglech ze gestalten. Dofir ginn et vill gemeinsam Initiativen, Projeten a Konventiounen am Kader vun der grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht tëscht de Lëtzebuerger Autoritéiten mat deenen aus den Nopeschregiounen/länner.

Lëtzebuerg, den 16. Mee 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue